PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.**

Am Dezember 2020 huet de Bausecteur mat der Regierung verhandelt fir Covid-19 Aiden ze kréien. D'Regierung wollt dës am Ufank net ausbezuelen, mee se de Betriber iwwert d'Steieren ze gutt komme loossen. Esou schéngt se sech ëmentscheet ze hunn, well d'Betriber am Secteur kruten elo ee Bréif deen se oprifft, "d'indemnité pour perte d'efficience" via de Site vun der Chambre de métiers unzefroen. D'Firmen hunn 222€ pro Mataarbechter ze gutt.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ass et dozou komm, dass eng Aide, iwwert déi am Dezember 2020 geschwat ginn ass, elo ausbezuelt gëtt?
2. Kann een d' "indémnité pour perte d'efficience" nach als Covid-19 Hëllef bezeechnen oder ass et eng Aide fir ee Secteur, deen elo wéinst den héijen Zënse Problemer huet?
3. Gouf d'Zuel vun de Mataarbechter vun haut gekuckt oder vum Dezember 2020?
4. Wéi vill Entreprisen aus dem Konstruktiounssecteur sinn tëscht dem Dezember 2020 an haut faillite gaangen an hunn elo näischt méi vun dëser Aide?
5. Wéini soll dës "indemnité pour perte d'efficience" un all d'Betriber ausbezuelt sinn?
6. Ginn et soss nach Aiden fir Entreprisen, déi wärend der Pandemie verhandelt gi sinn, déi awer nach net ëmgesat gi sinn? Wa jo, wéi eng? Ëm wéi eng Montanten handelt et sech heibäi?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven | GOERGEN Marc
---|---
Deputéierten | Deputéierten